



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Justice

Luxembourg, le 6 OCT. 2020  
Réf. QP-74/20

REÇU  
Par Aiff Christian , 10:59, 16/10/2020

Monsieur le Ministre  
aux Relations avec le Parlement  
Service Central de Législation  
Luxembourg


**Objet :** Question parlementaire n°2927 du 29 septembre 2020 de l'honorable Député Marc Goergen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe la réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

La Ministre de la Justice



Sam JANSON

**Äntwert op dem honorabelen Deputéierten Marc GOERGEN seng parlamentaresch Fro n° 2927 vum  
29. September 2020 un d'Madame Justizministesch an un den Här Premier- a Staatsminister**

**Ad. Fro 1.)**

Et ginn Estimatiounen, dass an de Caféen a Baren zu Lëtzebuerg ongeféier 2.000 illegal Spillautomaten mat enger Internetverbindung exploitéiert ginn. Well et sech dobäi em illegal Spillautomaten handelt sinn déi also och net deklaréiert.

**Ad. Fro 2.)**

Et sinn Analyse gemaach ginn iwwert déi juristesche Machbarkeet vun engem Glécksspillmonopol am Kader vum EU-Recht; déi verschiddenen Aspekter dovunner ginn an der Äntwert op déi 3. Fro weider ausgefouert. D'Aféierung vun esou engem Monopol ass a leschter Instanz awer ëmmer eng Decisioun, déi op der politescher Zilsetzung vun der Glécksspillgesetzgebung baséiert. An deem Sënn stellt d'Aféierung vun engem Monopol eng Hëllef an en adequate Moyeren duer, fir de Schutz vu Mineuren a vu vulnerabele Persounen, de Kampf géint d'Glécksspillsucht a géint Bedruch, Geldwäsch an och Cyberkriminalitéit, wat dat politescht Zil vun der Reglementatioun vum Glécksspill zu Lëtzebuerg ass, ze verbesseren.

**Ad. Fro 3.)**

Eng rechtlech Monopolstellung vun der Loterie Nationale ass – ënnert verschiddene Konditiounen – konform mat der Ausleeung vum Prinzip vum fräie Verkéier vun de Servicer a vum droit d'établissement aus den Artikelen 49 a 56 vum Traité iwwert de Fonctionnement vun der europäescher Unioun, déi den europäesche Gerichtshaff an enger ganzer Rëtsch Arrêtée ginn huet. Sou ass eng Monopolstellung duerchaus konform zu den Artikelen 49 a 56, wann d'Restriktiounen déi klassesch Krittären erfëllen, nämlech déi, dass déi national Mesurë musse justifiéiert sinn duerch iwwergräifend Grënn vun allgemengem Interessi, si däerfen net diskriminatoresch applizéiert ginn, si musse gëeegent si fir d'Erreeche vum Zil dat se verfolgegen, an si däerfen net méi wäit goe wéi néideg ass fir dat z'erreechen. Nieft den traditionellen Ufuerderunge gëtt nach gefuerdert, dass d'Ziler vum öffentlechen Interessi vum Memberstaat op eng aktuell, konsequent a systematesch Manéier verfolgegt ginn. De Fait, fir d'Organisatioun vu Glécksspillen, a Form vun engem Monopol, engem eenzegem Operateur zouzegestoe kann eng Restriktioun duerstellen an awer och gläichzäiteg proportional zum Prinzip vum fräie Verkéier vu Servicer oder Fräiheet vum Etablissement sinn, a kann och eng Politik vu kontrolléierter Expansioun vun der Spillaktivitéit etabléieren, virausgesat dass dëst en Deel vun engem systemateschen a koherente legislativen a reglementareschen Kader ass.

**Ad. Fro 4.)**

Eng Ouverture vum Glécksspillmarché ass net ugeduecht.

**Ad. Fro 5.)**

Déi grondsätzlech Zilsetzung vun der lëtzebuergescher Gesetzgebung am Beräich vum Glécksspill ass déi, déi an der Äntwert op déi 2. Fro duergestallt ginn ass. Den Ament gëtt analyséiert op a wéi d'Legislatioun muss adaptéiert ginn.